

## Iwwerleeungen, Erwaardungen a Fuerderunge vum SNE/CGFP betreffend d'Rentrée am September 2020

D'Rentrée 2020-2021 steet, wéi et sech ze erwaarde war, nach ëmmer am Zeeche vun der Covid-19-Kris. Dat stellt d'Schoul am Allgemengen, an d'Enseignanten am Speziellen, viru grous Eerausfuerderungen an d'Kolleginnen an d'Kollege stelle sech zu Recht vill Froen an deem Zesummenhang. Fir den SNE/CGFP ass et kloer, dass d'Schoul eng sozial wichteg Institutioun ass an hire Bildungsoftrag erfëlle muss. Dofir ass et wichteg, dass am September d'Kanner erëm an d'Schoul kënnen goen, natierlech ënnert der Konditioun, dass all d'Virsiichtsmaassnahmen, déi sech imposéieren, geholl ginn. Onnéideg gesondheetlech Risike si fir den SNE/CGFP inakzeptabel. D'Gesondheet vun de Kanner an dem Personal mussen absolut Prioritéit hunn.

Positiv gesäit den SNE/CGFP et, dass d'Enseignanten an d'Schüler d'Méiglechkeet solle kréien, sech virun der Rentrée testen ze loosse. All d'Schoulpersonal an all Schüler sollen dem SNE/CGFP no eng Invitatioun heem geschéckt kréien, wou si encouragéiert ginn, sech op fräiwëlleger Basis testen ze loosse. Esou en Testing ass eng effikass Prozedur, déi infizéiert Persounen ze identifizéieren ier de Schoulbetrib lass geet a si net an de « Schoul-Circuit » eranzeloossen. Den SNE/CGFP schwätzt sech awer gläichzäiteg och fir e reegelméissegem, fräiwëllege Gratis-Testing fir d'ganz Schoulpopulatioun aus. Nëmme esou kënnen vun Ufank un eventuell Infektiounskette gebrach ginn.

- 1) Am Moment gesäit et jo esou aus, wéi wa mir eng den Ëmstänn entsprechend « normal » Rentrée mat alle Kanner zur gläicher Zäit géife maachen. Et ass awer duerchaus denkbar, dass am September, wann d'Leit aus de Vakanz heem kommen, d'Zuel u Corona-Infizierten zouhuele kéint. Wéi gesäit de Plang B oder C vum MENJE an deem Fall aus? Ass nees virgesinn, en A- a B-System anzeféieren – jee no Situatioun op lokalem, regionalem oder esouguer nationalem Plang – oder esouguer d'Schoulen nees ganz zouzemaachen? Gëtt am Fall vun engem Zouspëtze vun den Infektiounszuelen och erëm en adaptéierte Schoulhoraire envisagéiert?

Den SNE/CGFP fuerdert, dass de MENJE e kloert a realistesch Konzept virleet, dat deene verschidde Zenarioe Rechnung dréit. Dat muss direkt geschéien, well d'Schoulen an d'Enseignantë brauche genuch Virlafszäit fir sech entsprechend kënnen ze preparéieren. Et steet zwar e « Stufekonzept » am Raum, mee d'Enseignantë wëssen net präzis, wéi dee soll ausgesinn. Verschidde Konzepter fir verschidde Schoule jee no Infektiounsherden kléngt logesch a gutt, mee wéi gesinn déi verschidde Konzepter konkret aus a wat sinn d'Repercussiounen dovunner, z. B.

op d'Familljen- a Berufsliewen? No wéi enge Krittikäre gëtt an der Praxis dat eent oder anert Konzept ugewant?

Egal wéi elo den Zenario vun der Rentrée ausgesäit, esou däerf et dobäi net, wéi et an der Vergaangenheet scho geschitt ass, zu enger iwerméisseger Belaaschtung vun de Schoulkomiteeën, hire Presidenten, de « Coordinateurs de cycle », den Titularen an all aneren Enseignantë kommen. D'Preparatioun vun eventuelle Covid-Mesuren däerf net op si ofgewälzt ginn. Si hu genuch Aarbecht fir hir « regulär » Rentrée ze preparéieren an ze organiséieren.

Den SNE/CGFP badauert, dass hie bei der Opstellung vun esou engem Konzept bis elo nach net consultéiert gouf. Et gesäit alt nees duerno aus, wéi wann d'Enseignantë kuerzfristeg informéiert a virun e « Fait accompli » gesat ginn.

Versprochen Diskussiounen oder Negociatioune kënnen an därfe sech net op eng einfach Informatioun reduzéieren.

- 2) Ofstandsreegele si ganz wichteg a mussen dofir och an der Schoul agehale ginn. Wann dat bei gréisseren Effektiver net méiglech ass am Kllassesall, muss entweder ee méi grouse Kllassesall fonnt ginn oder d'Klass muss gesplitt ginn. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass et d'Aufgab vun de Gemengenautoritéiten ass ze kucken, ob d'Säll fir déi ugeduechte Schülerzuel grouss genuch sinn. Am Fall wou keng Alternativsäll zur Verfügung stinn, mussen d'Gemengen de MENJE informéieren, dass et zu engem Splitting vun der Klass kënnt a si dofir extra Personal brauchen.

Fir d'Covid-Reegelen anzehalen si kleng Effektiver pedagogesch méi sënnvoll wéi eng Maskepflicht am Kllassesall. Doriwwer eraus hu reduzéiert Schülerzuelen den Avantage, dass ee méi effektiv schaffen, an doduerch méi séier eventuell Retarden opschaffe kann.

Et ass evident, dass en eventuelle Splitting vu méi grouse Klassen a méi kleng Gruppen en erweiderte Personalbedarf mat sech bréngt. Och do muss elo scho gekuckt gi fir dee Moment genuch Ersatzpersonal zur Hand ze hunn. Et muss ee sech och bewusst sinn, dass an den Hierscht- a Wanterméint souwisou méi Ersatzpersonal gebraucht gëtt, well do Zuel u Krankmeldungen erhéicht ass. Et däerf op kee Fall zu Situatioune kommen, wou d'Kanner an aner Klasse verdeelt musse ginn oder Klasse regelrecht zesummegeluecht musse ginn, wann en Enseignant krankheetshalber ausfällt. Fatal wär et, wann do keen Ersatzpersonal géif fonnt ginn, dat d'Klass iwwerhëlt, esou wéi dat awer leider an der Vergaangenheet all ze vill dacks de Fall war.

D'Maskepflicht ausserhalb vum Kllassesall an der Enceinte vun der Schoul an d'reegelméisseg Hännwäsche mussen an den Ae vum SNE/CGFP awer och weiderhi bestoe bleiwen.

- 3) Neisten Erkenntnisser no spillen d'Aerosolen (an net nëmmen d'Tröpfchen- an d'Schmierinfektiounen) eng méi grouss Roll bei der Verbreedung vum Virus wéi am Ufank ugeholl. Dat werft d'Fro vum Zesummeliewen am Kllassesall op, wou vill Leit iwwert een dach laangen Zäitraum beienee sëtzen. Reegelméisseg Lëften ass déi eenzeg Méiglechkeet fir den Ustiechrisiko u Corona an de Kllassesäll duerch Aerosolen ze verréngeren. Dofir fuerdert den SNE/CGFP, dass all Enseignant ab dem 15. September d'Méiglechkeet huet, d'Fënstere vu sengem Sall ganz grouss opzemaachen, esou dass hien de Sall uerdentlech duerchlëfte kann. Fënstere just op Kippstellung ze setzen, esouguer iwwert e laangen Zäitraum, geet net duer fir den Infektionsrisiko konsequent erfzesetzen. Den SNE/CGFP verlaangt vun de Responsabele kloer Consignen a wéi enger Frequenz a wéi laang esou e Stousslëfte muss erfollegen. Fir den SNE/CGFP ass dëst Stousslëften esou guer noutwendeg, wann d'Temperaturen an de Wanterméint méi niddreg sinn. Et stellt sech och d'Fro, ob net och esou e Stousslëfte gemaach misst ginn all Kéiers wou eng Persoun am Sall houscht oder néitst.

Bei Schoulen, déi mat enger Klimaanlag, respektiv enger Lüftungsanlag ausgestatt sinn a wou sech oft d'Fënsteren net opmaache loossen, muss garantéiert sinn, dass déi richteg Filteren agebaut sinn an dass et zu engem konstanten a vollstännege Loftaustausch kënn. Eng héich « Luftwechselrate » ass dobäi ganz wichteg. Och den Asaz vu mobile « Raumlufreiniger » kéint eng Optioun sinn. Och kéinte sougenannten « CO2 Ampelen » zum Asaz komme fir d'Konzentratioun u verbrauchter Loft an de Kllassesäll ze kontrolléieren.

Fir Kontaktinfektiounen ze vermeiden ass et och an Zukunft néideg, dass d'Dieren op bleiwen an dass vill sollicitéiert Plaze reegelméisseg desinfizéiert ginn. Oppen Dieren an oppe Fënstere féerden doriwwer eraus eng « Querlüftung », duerch déi déi viral Konzentratioun am Raum op eng effikass Aart a Weis reduzéiert ka ginn.

- 4) Den SNE/CGFP verlaangt, dass et kohärent Richtlinne gëtt, wat den Accueil an d'Betreiung vun de Kanner an der formaler an der nonformaler Bildung ugeet.
- 5) Vulnerabel Schüler a Léierpersoune mussen nach ëmmer d'Méiglechkeet kréien an engem fir si sécheren Ëmfeld kënnen ze léieren oder ze enseignéieren. Och fir déi Kanner gëtt et e Recht op Bildung an et ass wichteg, dass och fir si e Laangzäitkonzept erstallt gëtt. Well jo e gewësse Pourcentage vu vulnerabelen Enseignanten net méi fir d'« Prise en charge » vu ganze Klassen zur Verfügung steet, muss och hei assuréiert ginn, dass déi Enseignanten an de Schoulen ersat ginn. Och fir déi Enseignanten a Kanner, déi selwer net vulnerabel sinn, mee mat enger vulnerabler Persoun an engem Haushalt zesumme wunnen, muss Léisungen virgesi sinn.

Den SNE/CGFP ass och der Meenung, dass de « Congé pour raisons familiales extraordinaire » verlängert misst ginn fir déi Elterendeeler, déi e vulnerabelt Kand doheem ze versueren hunn.

- 6) Och fir d'Kanner mat spezifesch Besoinen fuerdert den SNE/CGFP e kloert Konzept. Si brauchen eng effikass « Prise en charge » an d'äerfen net lénks leie gelooss ginn.
- 7) Fir eventuell Corona-Retarde bei de Kanner ze kompenséieren, fuerdert den SNE/CGFP ab der Rentrée 2020-2021 en zousätzleche Corona-Contingent. Nëmme mat extraen Appuisstonnen an der Schoul kann ee garantéieren, dass all Kand, dat zousätzlech Hëllef brauch, déi och kritt.
- 8) Eng transparent Kommunikatioun vun alle Partenaire bei positive Fäll ass fir den SNE/CGFP onëmänglech. Am Virfeld muss scho kloer Prozeduren definéiert ginn, wann en avertéierte positive Fall an der Schoul virläit, awer och wéi bei Verdachtsfäll reagéiert soll ginn. Et misst do eng Reegelung virgesi sinn, wéi déi betraffe Kanner an Enseignantë sech séier an onbürokratesch engem Gratis-Test ënnerzéie kéinten. Och muss am Virfeld gekläert ginn, wéi d'Enseignantë mat Kanner verfuere sollen, déi Symptomer an der Klass opweisen oder esouguer scho mat Symptomer an d'Schoul geschéckt ginn. Hei ass d'Fuerderung vum SNE/CGFP ganz kloer: Krank Kanner mussen d'äerfe vum Enseignant ofgewisen oder heem geschéckt ginn.

Mat frëndleche Gréiss.

De Comité central vum SNE/CGFP